LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le -6. 05. 21

Réf. : 838x20522

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**Objet : Réponse à la question parlementaire n° 3985 du 30 mars 2021 de Monsieur le Député Fred Keup**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire n° 3985 du 30 mars 2021 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet du nouveau hall sportif à Echternach, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n° 3985

139-000050-20090730-FR

**Gemeinsam Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson, dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend Claude Meisch, an der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung Carole Dieschbourg op d'parlamentaresch Fro n° 3985 vum 30. Mäerz 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup**

Den honorabelen Deputéierte saiséiert eis mat enger Fro iwwert de Bau vun enger neier Sportshal vum Iechternacher Lycée. De Bau vun dëser Sportshal ass landschaftsbildlech mam Denkmalschutz kompatibel. D'Parzell hannert der Orangerie ass net klasséiert, a vum urbanistesche Standpunkt hier gouf fir d'Implantatioun vun der neier Sportshal festgeluecht, dass d'Mëttelachs vun der Sportshal d'Mëttelachs vun der Orangerie ophuele muss. De neie Baukierper dierf dobäi keng negativ Auswierkung op d'Promenade laanscht d'Sauer hunn. Duerch d'Uplanze vu Beem am direkten Ëmfeld vun der Sportshal soll de begréngten Hannergrond vun der Orangerie nees hiergestallt, an eng Integratioun an d'Landschaftsbild vum Park garantéiert ginn.

De Service des sites et monuments nationaux war bei der Bestëmmung vum gëeegente Site mat agebonnen, well den Ensembel vun der Abtei als nationaalt Monument klasséiert ass. Zanter dem 20.02.1965 ass de Site mam Park bis bei d'Promenade national geschützt.

Zum Volet Héichwaasserschutz gouf et am Kader vum Gesamtprojet "Campus Echternach" eng Etüd (Plan directeur Eau) déi vun engem lëtzebuergeschen Ingenieursbüro ausgeschafft gouf. An dëser Etüd ass festgeluecht ginn, wéi den Ëmbau vum Site héichwaasserneutral ka realiséiert ginn, an dat wärend der Bauphas vun deenen eenzele Gebaier an Infrastrukturen, wéi och no der Fäerdegstellung vum Gesamtprojet.

Konkret zu der Sportshal war 2019 eng waasserrechtlech Geneemegung vun der Administration des batiments publics bei der Administration de la gestion de l'eau ugefrot ginn. An dëser ass ënnert anerem den Héichwaasservolet gekuckt, an den Dossier autoriséiert ginn. Deementspriechend entsprécht d'Planung vun der Sportshal den aktuelle gesetzlechen Ufuerderungen vum Waassergesetz an den Ziler vum Héichwaasserrisikomanagement.

Et goufe fënnef verschidde Plazen zu Iechternach fir de Bau vun der Sportshal consideréiert : Den Terrain hannert dem Lycée, den Terrain „a Kack", den neie Komplex vun der Primärschoul, den Terrain nieft der Orangerie, an de Site hannert der Orangerie, dee schlussendlech zréckbehale gouf. Déi véier aner Sitten goufen net zréckbehalen well eng Sportshal op deene Plazen entweder den architektoneschen Ensembel vun der Abtei oder d'Bild vun der Orangerie gestéiert hätt, respektiv well d'Weeër tëschent dem Lycée an der Sportshal ze wäit wieren, oder den Terrain aus archeologesche Grënn schwéier bebaubar wier.